N°64
Entrée le 29.11.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.11.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/11/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wirtschaft weiderzeleeden.**

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 6 huet de Minister geäntwert, dass de STATEC a "verschiddene spezifesche Fäll" en “Data Handling Agreement” mat der OECD ofschléisst.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. A wéi enge Fäll gëtt en Data Handling Agreement gemaach?
2. Wéi oft gouf schonns en Data Handling Agreement vum STATEC gemaach?
3. Wat enthält dësen Agreement vu Fuederungen?
4. D'Gesetz vum 10te Juli 2011 iwwert d’Organisatioun vum l’Institut national de la statistique et des études économiques hält net fest, wéini a wéi esou een "Data Handling Agreement" gemaach ka ginn. Op wéi enger gesetzlecher Basis ginn dës Accorde gemaach?
5. Goufe schonns Daten, déi net no de primären a secondaire Reegele vun der Confidentialitéit ugepasst goufen, iwwermëttelt, wann en Data Handling Agreement virlouch?
   Falls jo, wéi oft?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten